From: Edouard Viana
Sent: Mëttwoch 16 Mäerz 2016 10:48
To:XXXXXXXXXXXXX@gmail.com' < XXXXXXXXXXXXX@gmail.com>
Subject: RE: Défense des expéditionnaires et commis - quo vadis?
Importance: High

Gudde Moien Här XXXXX.

Ech hunn Iech Verstanen. Dir sidd rosen dat dir keng Chance hat, esou wéi är Kollegen déi virun Iech, oder esou wéi di Jonk déi no Iech beim Staat komm sinn. Jiddereen huet seng Meenung an jiddereen soll déi och fräi soe kënnen. Ech begréissen dat.

Erlaabt mir elo just drop ze Äntwerten, schliisslech hunn ech nach ni d'Geleeënheet gehat mat Iech an engem vun onsen Generalversammlungen ze schwätzen, vu dat dier nach ni zu enger komm sidd.

Dir sot dat di : ***"Kollege vu fréier, di an de 60er Joren an d'Karriär kummen, waren matt 42 Joer am 8ter hanne widder"***.

Di Kollegen sinn éischtens vill méi jonk beim Staat komm wéi dat Haut de Fall ass, an zweetens hutt dir vergiess dat d'Fonction Publique an den 60er Joeren méi schlecht bezuelt ginn ass wéi den Privé. Eréischt no dem Gaston Thorn seng Regierung, an lues a lues no den 80er Joeren, ass den Punktwäert an d'Luucht gaangen. Esou dat munnech vun ons Kollegen vun den 60er Joeren, Haut Iech kéinten virwerfen dat dier et vill besser hutt wéi si et jee haten.

Mee schliisslech ass dat net den normalen Zyklus vum Liewen, dat di méi Jonk Generatiounen et sollen besser hunn wéi hir Elteren oder Grousselteren et jee haten?

Dann sot dir weider : ***"Di jonk Expéditionnairen di duerch d'Reform an di nei Karriär kummen, di sin och vill vill mi schnell um leschten Echelon vum leschte Grad. Jhust méng Generatioun ass a jidder Hisiicht gebiischt ginn…"***.

Di Chargés techniques, sollten schonns säit méi wéi 30 Joer an di Carrière vum Techneschen Redakter kommen. Méi wéi eng ganz Generatioun. Esou Jonk wéi dir Iech dat virstellt, sinn si net méi. Jo mir hunn dozou geschafft dat ons Memberen sollten do besser stinn wéi virdrun. Onsen Erfolleg gëllt awer net nëmmen fir di Memberen déi elo Chargé technique sinn. Ech erënneren dorunner dat den Expéditionnaire déi Carrière ass mat den mannsten Graden. Mir hunn versicht ee Grad bäi ze kréien, an wéi dat net geschitt ass, hu mir zesummen mat den aner Associatiounen vum Daachverband, der CGFP, voll d'Kaart ausgespillt fir dat den Cadre Fermé soll verschwannen. Just grad di Carrière vum Expéditionnaire profitéiert am mëschten dovunner !

Weider steet an ärem Mail: ***"Jidderee kruut ee Steck vum Kuch, mee jhust mir kruten ausser Verspriechen guer guer näischt".***

Wann an ären Aen, all 3 Joere een Avancement am Grad näischt Wäert ass, an dat an der blockéiert Carrière vum Expéditionnaire, dann huelen ech un dat dir schonns am Endgrad setzt, an dofir Iech net fir är méi Jonk Kollegen kennt freeën.

"Als Expeditionnaire technique den ee Mount virum aféieren vun der Reform den 8ter kritt, an dowéinst dunn 2 Méint dono erëm annulléiert krut".

Jo, den 8ter gëtt et net méi ! Dir hutt just vergiess ze erwänen dat dir d'Punkten dovunner "à vie" bäibehaalt. Jo, mir hunn och un Leit wéi Iech geduecht. Net nëmmen behaalt dir di Paie di dier mat dem 8ter erreecht hutt, mee déi ass och nach Pensionabel. Last but not least, braucht dir net op engem Poste "à responsabilité" ze setzen, fir déi Punkten weider ze kréien. An ärem Fall ass dat esou nach besser, vu dat dir och nach Nuetsschichten schafft, an esou nach eng besser Nuetsabfindung kritt.

An wann dëst net genuch wär, kennen munnech Leit och nach duerch engem Einfachen Aufsatz, ënnert gewëssen Konditiounen, an ouni Diplom, an de B1 technique eriwwer rutschen.

Mir sinn awer och ganz frou dat elo den OGBL di assimiléiert Secteuren kann un ons Reform upassen. D'Infirmieren froen schonns säit méi wéi 30 Joere dat hiren Bac+1 unerkannt gëtt. Dat nennt een Solidaritéit, eppes wat am Egoismus an Individualismus vun Haut ëmmer manner ze begéinen ass.

Ech wollt och nach drop hiweisen dat et schonns iwwert 15 Joer hier ass wou ech mech am Intérêt vun de Leit gestalt hunn. Mäin Respekt gëllt meng Virgänger, déi haart gekämpft hunn fir hir Memberen. Mäin Respekt gëllt awer och den villen Leit déi sech Haut engagéieren, an am Comité vun der FGEC sëtzen. Mir maachen dëst an onser Fräizäit. Jo, mir sinn Amateuren. An ech sinn ganz houfreg dorop. Mir mussen nämlech ons Aarbecht um Bureau oder op der Schicht als éischt erleedegen, dunn eréischt kennen mir an di sëllech Versammlungen, Gremien an Comitéë hi goen. Vill vun onser Fräizäit opferen mir vir ons Memberen esou gutt wéi nëmmen méiglech ze vertrieden. An all di Joeren hate mir nach ni méi wéi 45 Memberen an ons Generalversammlung. Wuel verstanen, den Comité mat gezielt. Dat ass esou, an trotzdem hu mir ëmmer nees weider Versicht. Beim Minister, bei den Politiker, mat aner Gewerkschaften zesummen.

Mir woren just eng Handvoll, den 16. Oktober 2012 op der Place Clairefontaine, déi fir d'anhalen vum 1,5% Ajustement vun den Pensiounen manifestéieren komm sinn. Ee Gléck dat di aner Gewerkschaften zu méi komm sinn.

Ouni Solidaritéit kenne mir net weider maachen. An obschonns iwwert 1000 Memberen ni op ons Generalversammlungen kommen, hu mir erreecht dat vill vun onsen Memberen eppes méi kréien, elo oder spéider. Di eng kréien méi, di aner kréien e bësschen manner. Ee Merci krut keen vum Comité, éischter nach Frechheeten. Dat ass esou.

Dir, Här XXXXX, hutt elo di Punkten vum 8ter "à vie". Ech gratuléieren. Den Poste à Responsabilité Particulière ass elo net méi "à vie". Wéi dir gesitt, och dir hutt Chance gehat.

Nach eng aner Saach. Bei der Post hate vill Artisans de Changement de Carrière schonns gepackt fir bäi den Expéditionnairen ze kommen, konnten awer net riwwer rutsche wëll keng Platz do fräi wor. 2006 huet d'AATPT zesumme mat der d'FGEC bäi der Post Direktioun intervenéiert a fäerdeg bruecht dat den "rang utile" verschwonn ass. Doduercher si vill Artisans, respektiv nei Expéditionnairë bäi komm, an de Cadre Fermé vun ärer Carrière ass ausernee gaangen. Dir waart do bei deenen Expéditionnairen déi dovunner och profitéiert hunn, an do konnten éischter am Grad weider avancéieren. Fir Iech wor dat den 1. Abrëll 2006 wou dir an den Grad 8 komm sidd !

Dat Joer dono, ass d'Gesetz komm dat een no 12 Joer blocage am nämmlechte Grad, den Traitement vum nächste Grad konnt kréien. Dat wor eng Revendikatioun vun der FGEC, déi mir mat der CGFP fir all Beamten duerch kruten.

Nach eng kéier, den Expéditionnaire ass dee mat de mannste Graden, an doduerch och deen dee am meeschten dovu profitéiert huet. Dir jo och Här XXXXX. Summa summarum, géif ech soen dat de Bilan vun der FGEC guer net sou schlecht ass, fir ee Comité vun 11 Leit déi fir de wuel vun all di aner schafft.

Ech stinn zur Verfügung fir onsen Memberen wann si nach Froen hunn.

Kommt op ons A.G. well dofir ass déi do.

Mat bescht Gréiss,

Edouard Viana

Generalsekretär vun der FGEC

----------Message original----------

Plage de dates: xxxxxxxxxxxxx < xxxxxxxxxxxxx@gmail.com>

Envoyé: vendredi, mars 11, 2016 17:00:

A: info@fgec.lu

Sujet: Défense des expéditionnaires et commis - quo vadis?

Metteg Gilbert,

Metteg Kollegen vum Comité,

am Äerer Aluedung op d'Generalversammlung vun der FGEC schreift Dir de Bouleversementer di den gewerkschaftléche Kampf nei gingen erausfuerderen. Als Expeditionnaire technique den ee Mount virum aféieren vun der Reform den 8ter kritt, an dowéinst dunn 2 Méint dono erëm annulléiert krut, fannen ech, dass als Expéditionnaire a méngem Déngschtalter drai- a véierfach bei d'Lisette gelooss ginn ass! An do huet kéng eisen, an der FGEC affiliéierte, Gewerkschaften eppes dobäi fonnt... Alléng dat seet m.M. no aus wou aktuell de gewerkschaftléche Kampf fir den Expéditionnaire steet: op Null!
Mir hun ufanks den 80er Joren matt eiser 11e als Handwierkerschoulofschloss matt eeleren Expéditionnairen zesumme geschaff, di matt der 10e den Ofschloss haten: Mir hun nie eppes fir eist 1 Joer méi Studien kritt, och dës Kéier neess nëtt! D'Expéditionnaire'-Kollege vu fréier, di an de 60er Joren an d'Karriär kummen, waren matt 42 Joer am 8ter hanne widder. Mir kommen haut nie méi bis an de leschten Echelon, och nëtt matt 62 Joer!
Di jonk Expéditionnairen di duerch d'Reform an di nei Karriär kummen, di sin och vill vill mi schnell um leschten Echelon vum leschte Grad.
Jhust méng Generatioun ass a jidder Hisiicht gebiischt ginn, an do mécht kee Verband a kéng CGFP a keng FGEC eppes. Wou ass do den vun Iech zitéierten gewerkschaftleche Kampf fir déi di lo iwer 30 Joer serieux geschaff hunn, an iwerall Pech haten matt der Karriär an der Paye?
Jidderee kruut ee Steck vum Kuch, mee jhust mir kruten ausser Verspriechen guer guer naischt, ob eis Mailen kréie mer kéng Äntwert well dir do naischt fäerdeg brengt fir Äer Memberen, oder wéi dierf een dat soss interpretéieren?
Schreift wegl näischt vu gewerkschaftléchem Kampf, well dir sidd nett beteed fir d'Interessen vun Äere Memberen ze kämpfen! Dir hutt de Kampf ëm d'Gerechtegkeet an dëser Reform laang opginn!
Schued, Äer Memberen an Äer Verbänn wietem et wäert gewiescht!

xxxxxx xxxxxxx
Luxembourg